N° 6969
Entrée le 08.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6969 vum 6 Oktober 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Paiement des primes pour panneaux photovoltaïques"

1. Wéi vill Demandë betreffend d'Subventioun fir d'Installéiere vu PVen sinn aktuell nach net ofgeschloss?

Zanter dass d'Gesetz vum 23 Dezember 2016 den 1. Januar 2017 a Kraaft getrueden ass, si bis de 24. Oktober 2022 inklusiv 2969 Demandë fir Bäihëllefen am Kader vun engem Photovoltaikanlagen erakomm. Vun deene sinn der 797 nach net ofgeschloss. Bis haut sinn nach 159 Demandë net komplett a 638 Demandë konnten nach net behandelt ginn.

2. Wéi vill Demandë fir d'Subventioun vu PVe goufen 2019 oder virdru gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
Wéi vill Demandë goufen 2020 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
Wéi vill Demandë goufen 2021 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
Wéi vill Demandë goufen 2022 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?

Am Tableau heidrënner ass d'Opdeelung vun de Photovoltaikanlage pro Joer a Status vun 2017 un:

Joer	Agereecht	Net komplett	Nach net traitéiert
2017	76	1	0
2018	279	11	0
2019	393	14	0
2020	553	26	0
2021	771	107	15
2022 (24/10/2022)	623	0	623
Total	2696	159	638

3. Wéi al ass déi eelsten Demande, déi agaangen ass an nach net ofgeschloss ass?

Déi eelsten net ofgeschlossen Demande no dem uewegenannte Gesetz ass den 23. November 2017 era komm. De Requérant vun der Demande krut den 29. Januar 2018 ee Courrier dass seng Demande net komplett ass an dee Courrier ass bis haut net beäntwert ginn.

4. Wat war dee längsten Delai, bei deem ee Bierger huet missten op d'Ausbezuele vun der Subventioun waarden?

An der Moyenne läit den Delai bei 182 Deeg. De Minimum läit bei 21 Deeg. Dee längsten Delai (vun hierer Entrée bis zu enger bei dem ee Bierger huet missten op d'Ausbezuele vun der Subventioun waarde waren 1228 Deeg. An dësem Fall goufe gefroten Informatiounen repetitiv net korrekt an onvollstänneg agereecht.

5. Wat sinn déi am meeschte virkommend Grënn, firwat d'Subventiounen net an engem räsonabelen Delai ausbezuelt ginn?

Een heefege Grond fir laang Delaien ass, dass d'Dossieren net komplett oder net mat den néidegen korrekten Ënnerlagen agereecht ginn: bal d'Halschecht vun den Demanden ass no der éischter Kontroll net komplett oder et stinn falsch oder kontradiktoresch Informatiounen dran, dëst obwuel d'Formulairen kloer Instruktiounen enthalen. An deene Fäll mussen dann déi néideg Dokumenter fir d'éischt nogefrot ginn, iert déi ofschléissend Instruktioun vum Dossier ka gemaach ginn. Oft mussen Informatiounen och e puer mol nogefrot ginn ier se vollstänneg oder korrekt sinn.

Doriwwer eraus sinn d'Delaie bei den techneschen Installatioune wéi PV Anlagen aktuell méi laang, well déi entspriechend Subsidenregimmer, och am Kader vun den héijen Energiepräisser, een immense Succès hunn. Bei den techneschen Installatiounen, wéi zum Beispill Photovoltaikanlage sinn méi héich technesch Kompetenze verlaangt fir den Traitement vum Dossier z'assuréieren. Et ass dowéinst méi schwéier dofir qualifizéiert Personal ze fannen.

Lëtzebuerg, den 8. November 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung